

Lëtzebuerg, den 26. Juli 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Ech si viru kuerzem gewuer ginn, datt déi nei Buslinn 134 vun Ettelbréck iwwer Bierden a Buerschent op Eschduerf e Korrespondenz-Problem mat de Schnellzich zu Ettelbréck huet, déi an d' Stad fueren oder aus der Stad kommen.

D'Resultat ass, dass d'Leit mam neien Horaire vum 17. Juli, zum Beispill moies géint 07:16, respektiv owes géint 17:45, hiren Uschloss verpassen, an esou den ëffentlechen Transport fir déi concernéiert Leit keng praktikabel Léisung méi duerstelt.

Och fir d'Schüler, déi mat der Buslinn 134 vu Bierden op Ettelbréck fueren an do de Bus op Dikrech an d'Hotelschoul, den Nordstadlycée oder dat neit Gebai vum LCD huele mussen, stellt sech d'Fro wéi dat mat den aktuellen Horairen opgoe soll fir um 08:00 an der Schoul ze sinn.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- Ass den Här Minister iwwer dëse Problem informéiert a gëtt versicht fir dës Korrespondenzen esou séier wéi méiglech ze verbessern?*
- Sinn dem Här Minister nach aner Korrespondenzproblemer gemellt ginn? Wa jo, bei wat fir eng Linne gouf dëst festgestallt a redresséiert? Fält déi nei Linn 136 (al Linn 543) och drënner?*


9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Aus wéi enge Grënn ass d'Linn 550 Ettelbréck-Schlënnermanescht wechgefall?*“

Mat déiwem Respekt,



André BAULER
Deputéierten